



Perso'nen:

| | |
|---|---|
| Lotty Schaus ................... | Studentin |
| Hilda<br>Francy ......................... | Fröndinnen vum Lotty |
| Madame Kraus .................... | Dem Lotty seng Hausméschtech |
| Joffer Lang ..................... | eng Schneiderin |
| Joffer Spatz .................... | eng Modistin |

---------

D'Stéck spillt sech of am Lotty sengem Zömmer bei der Madame Kraus.
Charakteristik vun de Perso'nen: Lotty - 18 Joer, Wuschelkapp, einfach Hausklédong
Hilda a Francy - 18 Joer, flott Strosseklédong, Studentemutz
Madame Kraus - 55 Joer, ordinär Framönsch, derb. Nolésseg Klédong, opgekrempelten Ärm, gro'ss farweg Schirtech, Schlappen
Joffer Lang - 4o Joer, gro'ss a schmuel. Hippomodern gekléd. Spillt t'gro'ss-arteg Damm.
Joffer Spatz - 4o Joer, kleng an deck,göfteg Zong. Huet e phantastechen Ho't op.

------------

## 1. Optröt

Madame Kraus, Joffer Lang a Spatz stin am Zömmer a schwätzen ganz opgeregt matenén.
Lang : Denkt iech emol un, d'Lotty ass mir nach 5oo fr. schölleg!
Spatz : A mir ass et der nach 6oo schölleg
Kraus : ( schlét d'Hänn iwerm Kapp zesummen ) O je, o je!
3 zes.: Dat ass wan én ze gudd ass. Dat ass de Lo'n!
Lang : ( zur Kraus ) Mei Geld wöll ech hun!
Spatz : Ech wöll mei Geld!
Kraus : ( wiert of ) Mais da lauschtert emol, dir Dammen, wat soll ech da machen. Mir huet se nach d'Miet vun 3 Ment ze bezuelen.
Lang : Onerhe'ert!
Spatz : Skandalös!
Kraus : Strofbar!
Lang : Fei Kléder
Spatz : Schén Hitt!
Kraus : Gro'ssarteg wunnen!
Eng no der aner : Awer bezuelen!
3 zes.: Dét se net!
Lang : Awer haut muss se bezuelen!
Spatz : Jo, jo, bezuelen.
Kraus : Nach haut!
Lang : Wan se lo net bezillt, dann huelen ech hir d'Kléd eröm weg.
Spatz : An ech den Hutt.
Kraus : An ech könnechen nach haut.
Lang : Et ass einfach eng Schan. Dat allerschénst Kléd hat se sech ausgesicht. Dat allerfeinst, a net emol gemart huet se!

Spatz : Dat ass ömmer verdächteg wan eng Kondschaft net mart. Wa net mé gehandelt göt, dan he'ert d'Geschäft op. Natirlech alles mat Moss. Dat vill Geschwätz dat dacht neischt, Geld - da Wueren, schluss. Et huet én awer Fréd am Geschäft, wan d'Leid sichen e wéneg ze marten. Dat hun ech gär, wan so' eng Dam sét: Ech fannen dat do awer e wéneg deier. Ha, da lacht mein Härz. Da steipen ech d'Hänn an d'Seiten an da gét et lass. Ah, dat dét engem gudd, dan ass d'verkafen eng Fréd. A wan é könt an e lét sei Geld gleich dohin a gât - pfui Doiwel, denken ech dan, Hochmut kommt vor den Fall. Dass én dach och e Mönsch, d'wöllt ón dach och gären e wéneg schwätzen!

Lang : Ha, duerfir sid dir bekannt!

Spatz : Wat? Soll dat vleicht héchen ech wier eng Klatsch? Madame Lang, ént soen ech iech, dat wat dir vu mir mengt, sid dir scho lang!

Kraus : Awer elo ass et genug, nömme keng Oprégongen.

Lang : Ma so' eppes ka mech net oprégen. Ech wöll meng Souen. An dösem Ponkt lafe meng Interessen mat dénen vun der Modistin zesummen - a fir de Rescht ass se mer Loft!

Spatz : Huet én do nach Wierder? Ech - Loft! Ech mat mengen dreianongzeg Kilo Loft!

Kraus : Sot, lauschtert emol, dir Dammen, wan dir iech ömmer streit, da könne mer ni zu eisem Geld kommen, well d'Joffer Lotty ass nach jonk an si huet et fauschtendéck hannert den O'eren. E'neg musse mer sin!

Lang : Mir wöllen elo ganz éneg sin, ewé Schwesteran.

Spatz : Fir d'écht awer huelt der d'Loft zereck!

## 2. Optrött

Hilda a Francy kommen eran. Si bleiwe bei der Dir stoen o'ni gesin ze gin.

Kraus : Also, wat d'Joffer Lotty ass, eng domm Gäns.

Lang : Dat ass dat richtegt Wuert. Ech hat dat hofrecht Döppen gleich durchkuckt.

Spatz : An dir huet hir trotzdém e Kléd geliwert?

Lang : Maja, an dir, huet dir den Hutt vleicht net geliwert?

Spatz : Leider hun ech dé Schwindlerin net kannt!

Hilda : ( hémlech zum Francy ) Do schéngt eng Versammlong ze sin!

Kraus : Awer wan se haut net bezillt, da flitt se, awer nöt mam Zeppelin, mais aus den Wunecht flitt se!

Lang : Ech machen eng plainte, dat ass jo Bedrug.

Spatz : Mei Geld wöll ech hun. Wan ech mei Geld net kre'en, da wärt se mol gesin!

Francy : Aremt Lotty!

Kraus : Eso' eng Perso'n soll agespart gin.

Hilda : ( hémlech zum Francy) Ech hun eng Idi, wé mir dem Lotty höllefe können ( hart ) Bonjour, dir Dammen!

Francy : Bonjour.

3 zes. : ( iwerrascht a verle'en ) Bonjour

Kraus : Wat hätt dir gären?

Hilda : Mir wollte gär mat eiser Fröndin schwätzen.

Francy : Mat der Joffer Lotty.

Lang : Mat der Joffer Lotty? Mir och!

Spatz : Ass se iech och vleicht Geld schölleg? Dat ass jo schrecklech. Alle Leiden ass se geschwönn Geld schölleg!

Hilda : Dir iert iech, d'Lotty ass eis ké Geld schöllech.

Kraus : Wat wöllt dir da mat hir?

Hilda : Mir wöllen eis beim Lotty Geld lengen!

Lang : ( zum Francy ) Ass dat woer?

Francy : ( wenkt eifreg mam Kapp ) Ma gewöss, dir he'ert dach ( zur Seit ) Wan ech nach wösst wat d'Hilda fir huet.

Hilda : Jidderént vun eis hätt gären 1oo fr vun him gelént.

Kraus a Lang : Honnert Frang!

Spatz : Firwat da net gleich dausend?

Kraus : Nöt en halwe Sou kritt der!

Lang : Dat Kléd wat ech hir gemacht hun, dat kan se nöt bezuelen!

Spatz : A mein Hutt och net. Awer ech wöll mei Geld hun!

Kraus : Mir ass se schon 3 Mént den Hauszöns schölleg!
Hilda : Dat werd elo alles anescht gin, wössen dé Dammen da nach net, wat fir e Gléckspilz d'Lotty ass?
Spatz : Nén!? Lang : Nén!? Kraus : Ma nén, guer net!
Hilda : Da kommt dir Dammen, da wöll ech iech d'Geheimnis uvertrauen, awer dir musst mir fest verspriechen, neischt ze soen, a nach vill weniger mierken ze lossen. Also mech net verroden. Können dé Dammen dat?
Kraus : De Mond halen, dat ass mir dat allerléfst!
Spatz : An ech erécht. Ech kann onhémlech schweigen. Wöss der, Joffer, ech schweige schon duerfir gär, well wan ech schweigen, da brauch ech net ze schwätzen, well ömmer schwätzen, dat gét mir net. Wöss der, Joffer, ech si net wé dé aner Leit, dé soen óch ömmer dass se net gären schwätze géfen, an dobei gét hinnen d'Babbel wé eng Peffermill. Eso' sin ech net Ech könt...
Lang : Ma dan halt de Mond dach émol zo'.
Spatz : Gesidder, Joffer, dé ass och eng vun dénen, dé ömmer de Mond opstoen hun. Der dét et wé, wan dé aner eng Silb schwätzen. Nömmen si wöllt ömmer d'gro'sst Wuert hun. Ech kann dé Leid net leiden. Muss én dan ömmer schwätzen? Sot, Madame Lang, musst dir dan ömmer schwätzen. Huelt e Beispill u mir. Schwätzen ech vill? Aus mengem Monn wärd dir kén iwerflessegt Wuert he'eren. Ech....
Kraus : Kusch - lo schwätz dir, Joffer. Wat ass mat der Joffer Lotty?
Hilda : Eis Fröndin huet d'Haptlos gewonnen.
Kraus : D'Haptlos? Lang : D'Haptlo's? Spatz : D'Haptlo's?
Francy : ( fir sech ) So' eng déck Ligen!
Kraus : Jo, der Joffer Lotty vergonnen ech dat Gléck! So' eng léf, nett Joffer!
Lang : Ech soe jo ömmer, d'Gléck ass net blann et sicht sech ömmer dé Beschten eraus dén et mat senge Gowen beschenkt.
Spatz : O eso' e Gléck, wé sin ech so' fro', dé léf Joffer Lotty. Wan dir gengt wössen, Joffer, wé ech er Fröndin a mein Härz geschloss hat - wé meng égen Duechter.
Lang : O du mei, lo fällt mer eppes an, entschöllegt, ech muss gleich hém, et könt eng Damm an Umo'ss.
Spatz : Ech hun och eng bestallt.
Lang : Au revoir, a vu mir eng gudd Bés ( allen zwo of )

## 3. Optrött

Kraus : A wat sot der vun dösen 2 falschen Döppen. Virdrun hun se sech bal hallef do'd geiergert iwer dat aremt Kand an elo - wé eng Wandmillen. Do sin ech awer anescht. Ech hu neischt iwer d'Lotty komme gelo'ss.
Francy : ( fir sech ) Mol net en zerrassenen Prabli.
Kraus : Wé d'Kand am Haus hun ech et betruecht ( plötzlech ) O entschöllegt, ech muss se'er an d'delikatessegeschäft eng Klengegkét kafe goen. Mei Lotty wärd schén hongreg sin wan et elo hém könt, entschöllegt mech, ech si gleich eröm do ( of )

## 4. Optrött

( Hilda an Francy bekucken sech eng Zeit, da lachen se hard )
Francy : A wé bass du nömmen op dén Afall kom?
Hilda : Ma d'Lotty huet mer géscht gesot et hätt sech e Lo's kaft an d'huet nach gesot, dass et seng lecht Hoffnung waär. E Spass, en onschöllege Spass. Hues de gesin, wé dé Dammen gleich ömgesat woren?
Francy : Ech hat mer bal e Stéck vun der Zong ofgebass, fir net erauszeplatzen mat lachen.
Hilda : Ech si wirklech gespant op dé domm Gesichter dé se machen., wan se he'eren, dass mir hinnen eng opgehangen hun.
Francy : A wat soe mer dann dem Lotty?
Hilda : Dem Lotty, hm, dat verdierwt eis vleicht dé ganze Spass. Mir lossen hat och zabbelen a mir soen em, dat et wirklech d'gro'sst Lo's gewonnen hät.
Francy : Schén, a wat mache mir dann wan et he'ert dass et net wo'er ass. Ass dat da net ellen?
Hilda : O wat, hat soll fro' an dankbar sin, dass mir him dé 3 vum Hals geholl hun.
Francy : Domat hues de jo recht!
Hilda : Psst, roeg, ech mengen d'Lotty könt!

5. Optrött

( T'he'ert én d'Lotty hannert der Bühn. Et summt oder trällert e Lidd )

Lotty : ( könt aran a sengt )
Hilda : O bonjour, Lotty!
Francy : Servus!
Lotty : Aaaaah! dir sid et. Dat ass ower wirklech schén, dass der iech emol hei weist. Herzlech wölkm ( si gin sech d'Hand )
Hilda : A fir d'Sach kurz ze machen, eisen beschte Gléckwonsch, du Gléckspilz!
Francy : Ech gratule'eren!
Lotty : A wat gét iech un, dir huet iech um Kalenner geirt, ech hun dach ké Namensdag an och ké Geburtsdag!
Hilda : Et ass eppes aussergewénleches, wat eis haut zu dir fe'ert
Francy : Eso' eppes erliewt é net all Dag!
Hilda : Mir gratule'eren dir herzlech zu dengem gro'sse Lo's.
Francy : Gell, elo bass de platt!
Lotty : Ech d'gro'sst Lo's, ma dir sid geckeg!
Hilda : Wé, wéss du et da wirklech nach net?
Francy : Da si mir jo wirklech dé éscht, dé dir Gléck wönschen.
Lotty : Gitt, dir wöllt mir eng ophänken. Brauche könnt ech se ganz gud, well ech sin um Honn, mei Portemonnaie huet d'Schwindsocht - a wan et och nömmen e puer dausend Frang wären!
Hilda : Wuerfir gléws du et da net wan ech der son, du hues d'gro'sst Lo's gewonnen.
Lotty : Wans du mir dat sés, da muss ech et awer nach net gléwen!
Francy : Ma gléw et dach, dass wé d'Hilda sét!
Lotty : Gitt, ech kennen ech zwé Spottvullen. Macht de Spott mat èren ale Schong. Abé, ech huelen iech beim Wuert. Wan ech d'gro'sst Lo's gewonnen hun, da lént mer 5o fr a git dofir bei de Landy Kichelcher kafen, an da wölle mer ower dat gro'sst Ereignes feieren.
Hilda : ( fir sech ) 5o fr. ass mir dé Spass scho wert ( hard ) 5o, 1oo fr wans de wölls. Komm, Francy, mir lafen lo gleich bei de Bäcker Mötsche kafen ( of )
Lotty : ( eleng a kuckt e verwonnert no ) Ech wéss net wo' ech dru sin. Sin ech et oder sin ech et net? Ech soll d'gro'sst Lo's gewonnen hun. Ech - dat ass dach onméglech. Awr halt! ( greift an Täsch ) Ech hun dach géschter e Bréf vun der Bank krit.- Ech hun e guer net opgemacht, well ech duecht et wär eng Manong op meng Scholden. Soll dé Bréf mat dem Haoptlo's a Verbindong stoen. O du léwen Himmel, wo' hun ech dan dé Bréf? ( kromt opgerégt am Tirang vum Dösch oder Schaf ) Am Enn hun ech e nach ewech gehait.- Nén, hei ass en ( reisst en op, liest a dét en harde Krésch ) Et ass woer, et ass woer, ech hun d'Haptlo's gewonnen - 1oo.ooo Frang Gött et dan iwerhapt eso' vill Geld? Elo huet meng No't en Enn, lo kann ech all meng Scholden bezuelen. Ech muss dé Bréf gudd ewech le'en bis muer, da gin ech mei Geld sichen ( lét de Bréf eröm an den Tirang )

6. Optrött

Kraus könt eran mat engem Plat der feinster Delikatessen a stellt de plateau virun d'Lotty .

Kraus : So', Joffer Lotty, da sin ech jo lo grad zur Zeit kom, da greift emol duer.
Lotty : Awer, Madame Kraus, wie bezuelt dan dé fein Sachen hei?
Kraus : Duerfir brauch dir iech keng Suergen ze machen.
Lotty : Ech sin iech jo nach de loyer schölleg!
Kraus : Wirklech, dorunner hat ech emol net mé geduecht.
Lotty : Bis mar werd ech iech d'Geld besuergen.
Kraus : D'Geld, o dat presse'ert net, ech si guer net drun opgehalen. D'Haptsach ass, dat et iech gud bei mir gefällt, dat Geld vun iech, dat ass mir söcher.
Lotty : Mais wösst dir dat eso bestömmt?
Kraus : Ma da lauschtert, dir huet dach d'Haptlo's gewonnen!
Lotty : ( lacht ) Aha, dir wösst dat also och schon.
Kraus : O Mamm, lo hun ech mech jo verbabbelt. Ech hat ären 2 Fröndinnen fest versprach et net ze verro'den.
Lotty : Dat ass neischt, émol wier der et dach gewuer gih
Kraus : Natirlech, d'Kraus ass ömmer alles gewuer gin. Ech hun eben so vill Relatio'nen - awer - hm, ech wollt soen, dir gid lo secher mé e schént Logement sichen?

Lotty : Wat, en anert Logement!
Kraus : Ma, ech hat geduecht, well dir d'Haptlo's gewonnen hätt, wär iech meng Wunong net mé sché genug.
Lotty : Né, Madame Kraus, ech bleiwe scho bei iech.
Kraus : Wirklech, dat ass awer sché vun iech.
Lotty : ( fiert weider ) bis ech eppes besseres fond hun.
Kraus : Wé, wat. Da git mer gleich meng Sachen eröm, an da git iech gleich selwer eppes kafen, wan dir eso' Naupen huet! ( hölt de plat röm weg )
Lotty : O, Madame Kraus, ech hun dach nömme Spass gemacht!
Kraus : Hei ass et net fir ze spassen, dir hat et dach eso' gudd bei mir. Ech wor jo och eso' gedölleg wan der net gleich bezuelt huet. Awer haut eröm hätt der missen d'Joffer Lang an d'Joffer Spatz he'eren wat dé iech erof gemacht hun, wan och iech net verdédegt hätt, da wier keng gudd Fatz mé un iech bliwen. An dat ass den Dank! ( of )

7. Optrött

Lang könt mat engem immensen Blummestrauss erangedänzelt .

Lotty : Ah, bonjour, Madame Lang. Dir kommt secher fir er Rechnong?
Lang : ( fällt em an d'Ried ) Ech, wént der Rechnong? Ass dan eng fälleg, ech hu mol guer net nogekuckt. Ech wollt iech nömmen dé Blummen hei iwerréchen. Die Blume, der Blume!
Lotty : ( hölt d'Blummen ) O wat sché Blummen, awer wé kom der nömmen do drun?
Lang : O du léwer Himmel, eng kléng Opmierksamkét, dé én anger so lewer a werter Konnschaft schölleg ass.
Lotty : Dat ass ze vill gentille vun iech.
Lang : An da wollt ech iech nach froen - ech hun lo grad so e schént Seidekléd - dat wär eppes fir iech.
Lotty : E Seidekléd? Fir mech?
Lang : Ma jo, dir musst iech elo jo mé chick kléden - dir könnt iech dat jo léschten, lo wo' dir d'Haptlo's kritt huet.
Lotty : Da wösst dir dat och schon?
Lang : O Mamm, lo hun ech de Mond jo ze weit opgerass, ech hat ere Fröndinnen versprach, neischt ze soen.
Lotty : Haha, grad selwect wé d'Madame Kraus.
Lang : O, huet d'Madame Kraus d'Peffermille net konnen halen. O, Joffer Lotty, vrun der musst dir iech anuecht huelen, se mecht iech iwerall erof, wan ech iech net a Schutz geholl hätt ....
Lotty : ( fällt an ) ech wéss, da wär keng gudd Fatz mé u mir.
Lang : Jo, dat wollt ech soen. Sot, Joffer, därf ech iech vleicht dat Seidekléd brengen?
Lotty : Ma gewöss, ma gewöss, ech ka mir et jo léschten.
Lang : Dat soen ech och, ech gin et gleich sichen. ( of )

8. Optrött

Lotty : D'gro'ss Lo's huet gewirkt. Ech si gespant op all dé, dé nach kommen a wé dat ausgét. ( et klappt )
Spatz : ( könt mat enger riesiger Hutköscht eran ) Bonjour, léf Joffer.
Lotty : Ah, dir kommt akasse'eren, Madame Spatz, ass et net eso?
Spatz : Akasse'eren?
Lotty : Ma jo, ech sin iech jo nach dé leschten Hutt schölleg.
Spatz : Wirklech, dorun hun ech mol net mé geduecht. A wat ass dan én Hutt. Zeng Hitt soll der mer schölleg sin. Do hun ech iech 2 Hitt matbruecht, Zocker son ech iech ( mecht d'Köscht op an hölt d'Hitt eraus ) Dat feinst an dat modernst soen ech iech, dat et iwerhapt göt. Dat wär eppes fir iech. Si sin wuel eppes deier, awer de Preis spillt jo bei iech keng Roll mé, wan én d'Haptlo's gewonnen huet!
Lotty : A wohier wösst dir dat dann?
Spatz : Wösst der, Joffer, ech sollt iech et jo net soen, er 2 Fröndinnen hun et eis erzielt. Der Madame Kraus, der Joffer Lang a mir - awer Joffer Lotty, virun dénen zwo musst dir iech anuecht huelen, virun der Kraus an der Langer. Wé dé zwo iwer iech hiergefall sin fir dé puer hongreg Frangen dé dir hinne schölleg sid, dat ass net schén. Ech soen iech, wan ech net dogewiescht wär an iech a Schutz geholl hätt, d'Kraus an d'Lang dé hätten.
Lotty : ( fällt an d'Ried ) keng ganz Fatz u mer gelo'ss,gell so wollt dir soen?

Spatz : Jo, so hat ech wölle soen. Dat ass ower och woer. Ech losse neischt iwer iech soen. Op mech könt dir iech verlossen, schumme sollen se sech, hun ech gesot. Wösst der, ech schwätze net vill, awer alles huet seng Grenzen Du kont ech awer net de Mond halen. Dir Dammen, hun ech gesot, mengt dir, ech könt do nolauschtren, hun ech gesot....

9. Optrött

Hilda a Francy komme mat 2 Päckelcher vum Bäcker.

H.+Fr. : So', do wäre mer röm. Ah, du hues Besuch? Ste'ere mer vleicht?
Lotty : O nén, ganz a guer net. Dir kommt grad ewé gewönscht. Bekuckt iech emol dé 2 Hitt dé d'Madame Spatz mir bruecht huet. Gefalen s'iech?
Spatz : Dat feinst an dat modernst wat et elo göt, ech soen iech, c'est le dernier cri de Paris ( hält hinnen d'Hitt duer )
Hilda a Francy setzen sech jé en Hutt op : O wé schén, ech si paff!
Lotty : Madame Spatz, d'Hitt si kaft!
Spatz : So' eppes kritt der ower och net mé.
Lotty : ( zum Hilda a Francy ) A well se iech eso gudd gefalen, duerfir schenken ech iech se.
Francy : ( lues zum Hilda ) Do, lo hu mer et jo mat dengen Dommhéten.
Hilda : ( och lues ) O wat, mir bezuelen d'Hitt och nach!
Lotty : Wat ass do ze tuschelen. Dir musst dé Hitt huelen, ech schenken iech se als Belo'nong, well dir dé ésc̈ht ward, dé mir de gro'ss Neiegkét bruecht hun.
Hilda : O hätt ech dach neischt gesot!
Lotty : Bass de neidesch iwert mei Gléck?
Spatz : O, Joffer Lotty, ech gonnen iech et vun ganzem Härzen. Soll ech vleicht och nach en Hutt fir iech brengen?
Lotty : Mais natirlech, awer just de selwechten!
Francy : ( lues zum Hilda ) Dé musse och nach wuel bezuelen!

1o. Optrött

Lang : Bonjour, bonjour, so' hei brengen ech dat seident Kléd.
Lotty : O, wonnerbar, dat kafen ech ( zum Hilda a Francy ) Wöll dir och eso' e Kléd, ech bezuelen et.
Hilda : Nén, nén!
Francy : Né, merci!
Lang : Dat géf d'Jofferen awer bestömmt chic kléden.
Hilda : Nén, nén, dorun ass guer net ze denken.
Francy : Ganz ausgeschloss!
Hilda : Et góf mer léd doen, fir dat villt Geld.
Francy : Dat soen ech och!
Lotty : ( lacht ) Mais Kanner, huet dir da vergiess, dass ech d'Haptlo's gewonnen hun?
Hilda : O dé verflixte gros los.
Francy : Elo sötze mer schén an der Patsch!
Lotty : Ech verstin iech einfach net, wan ech iech net so gud leide könt, da géf ech iech eraus geheien.
Spatz : Awer do muss een der Joffer scho recht gin, dir werd dach net mat erem ville Geld lauter eso' Fatzen un iech hänken ( weist op d'Seidekléd )
Lang : Dir werd iech dach och söcher net lauter eso' Döppe kafen! (weist op d'Hit)
Spatz : Wat - Döppen?
Lang : Wat - Fatzen???
Spatz : Meng Hitt nennt dir Döppen!
Lang : Meng Kléder nennt dir Fatzen!
Spatz : So' eng Frechhét! Lang : Dir Maulech!(gin openén duer )

11. Optrött

Kraus : A wat ass dan hei fir e Spektakel? Wan et nöt op der Minut Roeg hei ass,da soen ech iech op, da könt dir kucken dat der eppes besseres fand!
Hilda : Wolls du d'Wunnecht opsoen?
Francy : Jo, fir wat dann?
Kraus : Well si d'Haptlo's gewonen huet. Do ass et hir hei ze armseleg. Huet én do nach Wierder!!
Francy : Dat och nach!

Hilda : Lo ass et dés awer genuch ( mat erhuwener Stömm ) Lotty, verzeih mir dén domme Spass. Mat dém Haptlo's, dat wor nömmen e Witz vu mir!

Lotty : Wat, hahahah, dé hues de gud gehol. Wat fällt iech dan op émol an. Natirlech hun ech de gros los gewonnen 100.000fr.

Francy : Ma da lauschter dach, Lotty, mir hun nömmen eso' gesot- et wor nömme Spass!

Lotty : Ma wat gét iech un, si dir geckeg gin. Wan ech iech jo son dass ech 100.000 fr. gewonnen hun!

Hilda : Ma da sief dach verstänneg, dat mam gros los hu mir dir nömme virgesot:

Francy : D'Haptlo's ass nömmen eng Erfindong vun eis. Du léwer Himmel, wan et nömme mat sech schwätze léss.

Hilda : Du hues d'gro'sst Lo's net gewonnen.

Lotty : Ma dach, ech hun et!

H + Fr : ( eindrenglech ) Du hues et net!

Hilda : ( zur Kraus ) Ma hölleft dir eis dach öm et klor machen...

Francy : Et ass iwergeschnappt, et huet de Verstand verluer. Et gléwt wirklech t'hätt d'gro'sst Lo's gewonnen.

Lang : O da gef mir mei Kléd eröm ( reisst d'Kléd un sech ) So' eng Gemenghét!

Spatz : A mir meng Hitt!

Kraus : An ech kloen iech un wénst mengem Loyer!

3 zes. : Mir wöllen eist Geld!

Kraus : So' eng fatal Ligenesch

Lang : So' eng Hochstaplerin

Spatz : So' eng Bedre'eg! ( Hilda a Francy sti verzweifelt derbei )

Lotty : Lo hun ech emol èr richteg Ménong he'eren. Hei, Madame Lang, huelt er Fatzen, an dir, Madame Spatz, do huet der èr Döppen. An dir, Madame Kraus, kuckt, dass der eng nei Lokatärin kritt. Ech gin an d'Hotel. Dat kann ech mir léschten. Ech hu jo de gros los gewonnen!

Hilda : Do hu mir eppes schénes ugericht!

Francy : Et ass ganz geckeg!

Lotty : ( hölt de Bréf aus dem Tirang ) Hei ass d'Schreiwes vun der Bank wo' ech d'Lo's kaft hat. Do, liest, an da sot der op ech d'Haptlo's gewonnen oder net.

H + Fr : ( liesen ) Wahrhafteg, so' e Gléck et huet wirklech d'Gró'sst Lo's gewonnen.

Hilda : Do stét et schwarz op weiss.

Francy : 100.000 Frang huet et gewonnen.

H + Fr : ( drecken öm d'Hand ) Mir felicite'eren!

Kraus, Spatz a Lang falen op d'Kne'en ) Verzeiht eis, Lotty!

Lotty : Dir Dammen, stitt op, well dir knét dach nömmen virum Geld.
( Dé drei sti verle'en op )

Melodie : Üb immer treu und Redlichkeit.

Lotty sengt eleng : Die echte, wahre Liebe ist
ein Pflänzchen seltner Art
Wenn du ein armer Teufel bist
Beurteilt man dich hart.
Kaum nennst du dein das grosse Los
Dann wendet alles sich
fällt jäh das Glück dir in den Schoss
umschmeichelt alles dich.

Kraus, Lang a Spatz zesummen :

Nun ja, das Leben ist so hart
man streckt sich nach der Deck
es ist halt nun mal unsre Art
frisch von der Leber weg.

Lotty, Francy, Hilda zesummen :

Nun aller Streit sei jetzt verbannt
der Friede hergestellt
wir haben wieder klar erkannt
dass Geld regiert die Welt!

R I D O